# Workshop Jugendsprooch

## 26.09.2025 – Campus Belval

Am Kader vum Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch bitt d'Luxemburgistik vun der Uni Lëtzebuerg e Workshop zum Theema Jugendsprooch un.

| | |
|---|---|
| **Datum/Auerzäit** | 26.09.2025, 14:00-16:00 |
| **Plaz** | Campus Belval, Maison des Sciences humaines<br>Blackbox (direkt um Rez-de-chaussée)<br>11, Porte des Sciences, Esch/Alzette |
| **Leedung** | Melissa Mujkić (Virtrag)<br>Caroline Döhmer, Mélanie Wagner |
| **Zilgrupp** | Intresséiert Studenten/Studentinnen a fräi Participanten/Participanteën |
| **Sprooch** | Lëtzebuergesch |
| **Matbréngen** | E Smartphone, Tablet oder Laptop fir interaktiv Eenheeten |

**Obligatoresch Umeldung** bis den 18.09.2025 iwwer dëse Link https://forms.office.com/e/88TbVC1R2M oder QR-Code

## Inhalter vum Workshop

De Workshop fänkt u mat engem Virtrag vum Melissa Mujkić (40 Min.) iwwer digital Jugendkommunikatioun zu Lëtzebuerg.*

- Wat versteet een ënner ‚Jugendsprooch'?
- Wéi kann ee se erfuerschen?
- Wat sinn hir Charakteristiken?
- Wéi schreiwen déi Jonk an den digitale Medien (z. B. Snapchat, Instagram, WhatsApp) mateneen?

Unhand vun authenteschen Chat-Ausschnëtter gi linguistesch Phenomeener analyséiert (ë. a. Wierder, Sazzeechen, Sazbau, Elementer aus frieme Sproochen, Emojis), fir en Abléck an den aktuelle Sproochgebrauch vun deene Jonken zu Lëtzebuerg ze ginn. Nom Virtrag gëtt interaktiv diskutéiert, wéi ee Jugendsprooch definéiere kann a wéi eng Jugendwierder resp. -ausdréck an deene leschte Joerzéngten am Gebrauch waren.

Am zweeten Deel vum Workshop gëtt a klenge Gruppe mat konkreeten Chat-Beispiller weidergeschafft. Hei geet et ëm eng eegen Analys vu Wierder an Ausdréck souwéi d'Beschreiwung vun der allgemenger Stilistik a vun digitale Kommunikatiounsmuster. Zum Schluss ginn d'Resultater am Plenum presentéiert a reflektéiert.

Dëse Workshop soll eng oppen a generatiouneniwwergräifend Diskussioun iwwer sproochlech Variatioun encouragéieren an en neit Bewosstsinn fir déi dynamesch Aspekter vu Jugendkommunikatioun schafen.

- Ziler vum Workshop
    - Sensibiliséierung fir d'Konzept vu Jugendsprooch
    - Fäegkeet, reell Chat-Beispiller linguistesch ze analyséieren
    - Reflexioun vun digitale Kommunikatiounsmuster
    - Identifikatioun a Kontextualiséierung vun der Méisproochegkeet a lëtzebuergeschen Texter
- Zilgrupp: Jonker/Erwuessener (max. 40 Persounen), déi Lëtzebuergesch schwätzen; linguistesch Virkenntnesser ginn net verlaangt

* De Fuerschungsprojet vum Melissa Mujkić iwwer Jugendkommunikatioun zu Lëtzebuerg gëtt vun der Universitéit Lëtzebuerg a vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ënnerstëtzt. Bei Interessi oder Froe kënnt Dir d'Fuerscherin per E-Mail kontaktéieren: melissa.mujkic@uni.lu.